N°1367
Entrée le 16.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.10.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den Niercongé erlaabt et Mammen nees schaffen ze goen a gläichzäiteg och hiert Kand ze nieren. De Code du travail gesäit pro Aarbechtsdag zwou Nierpausen vu jeeweils 45 Minutten vir, déi a verschiddene Fäll kënnen an enger Paus vun 90 Minutten zesummegeholl ginn.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi vill Niercongé hunn Enseignanteë mat enger voller Tâche am Enseignement Fondamental an am Enseignement Secondaire?
- Wat sinn d'Modalitéite vum Niercongé am Enseignement?
- Ginn et opgrond vum Stonneplang Contraintë wéini eng Enseignante hiren Niercongé huele kann? Wa jo, wéi eng Contraintë wieren dat?
- Wéi a vu wiem gëtt de Remplacement organiséiert, wann eng Enseignante wärend enger Schoulstonn Niercongé huet?
- Wéi vill Enseignanteën hunn an deene leschte fënnef Joer en Niercongé gefrot?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1367 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

Den Niercongé am Enseignement berout op den allgemenge gesetzleche Bestëmmungen, sou wéi se an den Artikelen L.336-2 an L.336-3 vum Code du Travail festgehale sinn.

**Ad 1)**

Am Enseignement fondamental grad ewéi och am Enseignement secondaire ass fir Enseignantë mat enger voller Tâche een Niercongé vu fënnef Leçone pro Woch virgesinn.

**Ad 2) an 3)**

Den Niercongé ënnerläit follgende Modalitéiten:

- Fir Enseignanteën, déi ee Service à temps partiel assuréieren, gëtt den Niercongé proportional zum Degré de tâche accordéiert.
- Eng Interventioun wärend der éischter Leçon vum Dag gëtt no Récksprooch mam Agent evitéiert.
- Enseignanteën, déi allaitéieren, brauche keng Iwwerstonnen ze halen.

**Ad 4)**

Am Enseignement fondamental gëtt de Remplacement vum zoustännege Regionaldirekter organiséiert, am Enseignement secondaire vum zoustännege Lycéesdirekter.

**Ad 5)**

Den Tableau hei drënner weist d'Zuel vun den Enseignanteën, déi an de leschte fënnef Joer een Niercongé accordéiert kruten.

| 2019-2020 | 2020-2021 | 2021-2022 | 2022-2023 | 2023-2024 |
|---|---|---|---|---|
| 99 | 119 | 136 | 134 | 166 |

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH